N°1018
Entrée le 16.07.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.07.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/07/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gläichheet tëscht Geschlechter an Diversitéit weiderzeleeden.**

An der Fro 860 hunn ech der Ministesch eng Rei Froen iwwert d'Tëschenevaluatioun vum *Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ* gestallt. Leider huet d'Ministesch op véier vu fënnef Froen net geäntwert, esou dass ech mir erlaben, dës Froen nach emol ze stellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Aus der Tëschenevaluatioun geet ervir, dass entscheed gouf, dass 10 Mesuren aus dem PAN LGBTIQ net méi ëmgesat wäerte ginn: "Nicht mehr geplant sind Umsetzungen der folgenden zehn Maßnahmen: K2M1, K2M5, K3M2, K3M9, K7M4, K7M7, K8M3, K8M4, K8M9, K8M10".

   - Ass et richteg, dass bei der Evaluatioun festgehale gouf, dass d'Mesure "Explorer des modèles alternatifs de soins médicaux pour les personnes transgenres, fondés sur un consentement libre et éclairé" (K7M4) net méi ëmgesat soll ginn?
     Firwat gouf bei der Datenerhiewung fir d'Evaluatioun entscheet, dass dës Mesure net méi ëmgesat wäert ginn?

   - Ass et richteg, dass bei der Evaluatioun festgehale gouf, dass d'Mesure "Réviser les classifcations nationales afin de garantir que les personnes transgenres ne soient pas considées comme des malades mentaux" (K7M7) net méi ëmgesat soll ginn?
     Firwat gouf bei der Datenerhiewung fir d'Evaluatioun entscheet, dass dës Mesure net méi ëmgesat wäert ginn?

   - Ass et richteg, dass bei der Evaluatioun festgehale gouf, dass d'Mesure "Instaurer un monitoring des interventions médicales à l'égard des personnes intersexes mineures, y inclus les traitements à l'étranger" (K8M3) net méi ëmgesat soll ginn?
     Firwat gouf bei der Datenerhiewung fir d'Evaluatioun entscheet, dass dës Mesure net méi ëmgesat wäert ginn?

   - Ass et richteg, dass bei der Evaluatioun festgehale gouf, dass d'Mesure "Réviser les classifcations nationales qui confèrent un caractère pathologique aux variations des

caractéristiques sexées" (K8M10) net méi soll ëmgesat ginn
Firwat gouf bei der Datenerhiewung fir d'Evaluatioun entscheet, dass dës Mesure net méi ëmgesat wäert ginn?

- Firwat gouf bei der Evaluatioun och gesot, dass d'Mesuren K2M1, K2M5, K3M2, K3M9, K8M4 a K8M9 net méi ëmgesat wäerte ginn?

2. Am Tëschebilan steet: "Die Entwicklung des Instruments und seiner Items fand in enger Zusammenarbeit mit dem Ministerium für Familie, Integration und die Großregion statt. Hierzu kam es zwischen Juli und September 2022 zu mehreren Treffen und einem intensivem E-Mailaustausch, in denen Inhalt, Formulierung und Aufbau der Fragen gemeinsam mit der Arbeitsgruppe der Universität Luxemburg besprochen wurden."
Ass d'Ministesch der Meenung, dass et der Ufuerderung vun engem externe Bilan gerecht gëtt, wann déi Ministèren, deenen hier Aarbecht soll evaluéiert ginn, um Ausschaffe vum Instrumentarium vum Bilan bedeelegt sinn?

3. Als Indicateur fir ze evaluéieren, ob a wéi eng Mesure ëmgesat ginn ass, gouf déi eegen Aschätzung vun den zoustännege Ministèren am Tëschebilan genotzt.
Ass d'Ministesch der Meenung, dass dës Method eng objektiv Bewäertung vun der Aarbecht vun de Ministèren erlaabt?

4. An der Tëschenevaluatioun ginn eng Rei Moossnamen an tabellarescher Iwwersiicht duergestallt. Opfälleg ass heibäi, dass just déi Mesuren, déi ganz oder zum Deel ëmgesat goufen, an den Tabellen optrieden, wärend Moossnamen, déi nach net ëmgesat goufen, just am Fließtext ernimmt ginn.
Ass d'Ministesch der Meenung, dass dës Aart a Wéis vun der Duerstellung vun de Resultater et de Lieser:innen erlaabt, Informatiounen iwwer ëmgesaten an nach net ëmgesate Mesure gläichermoosse gutt ze fannen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten